



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 28/05/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An de leschte Wochen a Méint goufen honnerttausende vu Persounen zu Lëtzebuerg mat Vaccinen géint de Sars-Cov-2 geimpft. Während d'Impfcampagne méi Fortschrëtter mécht, ass feststellen, dass d'Indicateuren, déi ee Bild iwwert de Verlaf vun der Pandemie ofginn, sech veränneren. Effektiv si vill manner Leit an de geimpften Altersgruppen a Kategorien krank, d'Zuele vun de beluechten Better an de Spideeler ass och signifikant erofgaangen.

Trotz dëse gudde Noriichte bleift Virsicht ugesot, well nach net empiresch beluecht ass, wéi gutt a wéi laang d'Impfung virum Covid-19 schützt an ob se géint weider Mutatioune vum Virus ugepasst ass.

Elo ass et awer esou, dass net nëmme geimpfte Persounen eng Immunitéit géint de Sars-Cov-2 opgebaut hunn. Och déi zéngtausenden Covid-Infizéiert hunn während hirer Krankheet och Antikierper opgebaut.

Wéi uewe beschriwwen, ass awer leider net gewosst, wéi laang d'Antikierperen – ob duerch d'Impfung oder duerch ee Krankheitsverlaf – am Blut erhale bleiwen. D'serologesch Tester fir d'Fanne vun Antikierpere wier eng Piste, fir erauszefannen, wéi sech d'Quantitéiten un Antikierperen am Blut entwéckelen, andeems een a regelméissegen Ofstänn, Blutprouwen vu geheelten a geimpfte Persounen géif huelen, fir d'Evolutioun vun den Antikierperen empiresch ze moossen.

Esou wäit eis bewosst ass, mécht d'Santé aktuell keen esou Suivi. Wéi op der Website covid19.lu ze liesen ass, ginn d'Blutttester ausschliisslech genotzt, fir d'Evolutioun vun der Pandemie z'erfaassen:

"Un taux élevé ou faible d'anticorps ne signifie pas nécessairement que l'on est immunisé, car les anticorps ne représentent qu'une fraction de la réponse immunitaire globale de l'organisme. Un échantillon représentatif de la population



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

du Luxembourg, sélectionné sur base du lieu de résidence, de l'âge et du ménage, est invité chaque semaine dans le cadre du Large Scale Testing afin de permettre un suivi continu de l'évolution de la pandémie. "

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Realiséiert d'Regierung serologesch Tester, fir erauszefannen, wéi d'Unzuel vun den Antikierperen am Blutt sech mat der Zäit entwéckelt? Bei wéi vill Persounen déi an den Isolement gesat gi sinn, ass ee Suivi gemaach ginn, fir d'Unzuel vun hiren Antikierper ze moossen?
  1. Falls jo, wéi ginn dës Donnéeën erhuewen, wéi sinn Echantillonen opgebaut a wéi ginn dës Donnéeën ausgewäert? Wat ass d'Zill vun dëser Erhiewung?
  2. Falls nee a falls d'Ministesch sech op d'Informatiounen beruffe sollt, dass d'Antikierperen kee komplett Bild vun der Immunitéit erëmginn: ass et wëssenschaftlech richtig, dës Donnéeën a priori vun enger Erhiewung auszeschléissen, wann net gewosst ass, ob se a posteriori kéinten dozou déngen, de Covid19 besser ze verstoen?
2. Wéi eng aner Moossungen ginn aktuell vun der Regierung duerchgefouert, fir erauszefannen, wéi laang d'Immunitéit no enger Covid19-Krankheet erhale bleift?
3. Wéi eng aner Moossungen ginn aktuell vun der Regierung duerchgefouert, fir erauszefannen, wéi laang d'Immunitéit no enger Impfung erhale bleift?
4. Mëscht d'Santé een Ënnerscheid, tëscht de Persounen déi positiv a "positiv faible" (> 33CT) getest goufen?
5. Am vir Juni viséierte Covid Zertifikat, soll eng Persoun och kënnen eng iwverstanen Infektioun uginn. Wäert hei een Ënnerscheid gemaach ginn, tëscht Persounen déi positiv getest goufen a Persounen déi "positiv faible" getest goufen ?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Député

